

Tout traduire en luxembourgeois ne résoudra en rien le problème.

Taina Bofferding

Je me suis entretenu une petite heure avec Taina Bofferding, députée LSAP et conseillère communale d'Esch-sur-Alzette. Nous avons évoqué le Grand-Duc, le harcèlement sexuel et les bikers en grosse moto.

Texte : Sébastien Vécrin

Pourquoi avoir opté pour les socialistes ?

Je m'intéresse depuis toujours à la politique, aux réflexions de mon entourage et à la société en général. Voilà pourquoi j'ai suivi des études en sciences sociales à Trèves, en mettant un accent particulier sur les médias. Je me sens concernée par tout ce qui touche mes proches. J'aime aider mon prochain. N'est-ce pas là le programme d'une bonne socialiste (sourire) ?

Comment avez-vous franchi le pas de l'implication politique ?

En 2003, lors de ma première participation à une manifestation contre la guerre en Irak devant l'Ambassade des États-Unis, je fais la connaissance de partisans du « Lëtzebuerger Sozialistes Aarbechterpartei » et notamment d'Yves Cruchten, aujourd'hui député et secrétaire général du parti. J'accroche immédiatement et je décide de m'engager chez les socialistes. J'ai alors 21 ans et le LSAP devient rapidement ma seconde famille. Mes nouveaux camarades sont sympas et conviviaux. Leurs concepts de solidarité, justice et liberté sont exactement les valeurs qui me sont chères et que j'essaie, depuis, de faire vivre au quotidien.

Êtes-vous toujours attachée à Esch-sur-Alzette ?

J'y réside depuis la fin de mes études et j'y assure le rôle de conseillère communale aux côtés de la bourgmestre

Vera Spautz, une femme connue et reconnue pour son engagement social. Esch s'affirme comme une ville multiculturelle et bouillonnante dans laquelle des femmes et des hommes d'origines et classes sociales différentes cohabitent en parfaite harmonie. Je m'y sens bien.

En 2011, Charles Muller, le directeur du théâtre municipal d'Esch-sur-Alzette, m'avait dit que certains notables de la capitale, lors de sa prise de fonction, lui avaient balancé « bonne chance en Afrique ».

Ce dénigrement et cet élitisme par rapport à la ville d'Esch m'attristent, car ces détracteurs ne tiennent nullement compte de la réalité. Souvent, notre théâtre propose de très beaux spectacles, mais avec des sièges vides. Pourtant, la même pièce, présentée à Luxembourg-Ville, affichera complet. À tous les niveaux, l'image défavorable d'Esch s'est maintenue farouchement, mais nos efforts au niveau culturel commencent lentement mais sûrement à porter leurs fruits.

Notamment en ce qui concerne l'insécurité ?

La plupart du temps, l'insécurité dans nos rues est une légende urbaine. Cela fait bien longtemps qu'Esch est une ville calme et sûre. Cependant, afin d'atténuer ces sentiments d'insécurité, la ville organise, deux fois par mois, une grande réunion en mairie, avec la police et des responsables politiques, pour rester à l'écoute des doléances de

PHOTOS : FRED WOLF



Je ne suis pas attachée à la Monarchie.

nos citoyens. Ensemble, nous cherchons, avec les acteurs du terrain et les concernés directs, à améliorer au mieux la vie quotidienne de tous nos résidents.

Dans un futur proche, préféreriez-vous devenir bourgmestre d'Esch ou Premier ministre ?

Pour l'instant, je me plais beaucoup dans mon rôle de conseillère et de députée. Je verrai bien ce que l'avenir me réserve.

Vous êtes vice-présidente du LSAP, êtes-vous pressentie pour devenir présidente ?

Je ne me suis pas encore posé la question. Pour le moment, je m'investis dans la réforme de nos statuts et de nos structures afin que ceux-ci deviennent plus adaptés à une consultation et un dialogue plus actifs, plus faciles et plus rapides au sein de notre parti.

Peut-on être socialiste et gagner beaucoup d'argent ?

Le mot « beaucoup » est relatif. Si vous voulez parler de mon cas précis, je touche l'indemnité en tant que députée et je ne m'en plains pas. Mais, à ma décharge, je travaille énormément (sourire). J'essaie d'être présente

tous les jours au bureau parce qu'il est important de rester disponible pour collaborer avec les attachés parlementaires (commissions, séances publiques, visites) ou participer aux réunions avec des représentants du monde économique, politique ou sociétal. Au début, en tant qu'élue, je pensais que je devais répondre à mes emails 24h/24. À présent, je prends un peu de temps pour ma famille, pour faire du sport, courir, lire, etc. Durant ces moments, je laisse mon portable de côté.

Peut-on vous demander à combien s'élève votre salaire ?

Mes indemnités sont publiques et renseignées sur le site Internet de la Chambre. Selon les mois, elles peuvent varier légèrement en fonction du nombre de réunions. Je tiens également à préciser que, contrairement aux préconçues de certains, les députés paient bel et bien des impôts.

Que pensez-vous de l'éternelle question du cumul des mandats ?

Il est nécessaire de trancher une bonne fois pour toutes. Personnellement, j'ai un penchant pour une réglementation anti-cumul, surtout pour les grandes communes.

Entretien avec la députée socialiste

À quand la parité hommes-femmes à la Chambre ?

Nous avons récemment adopté une loi qui instaure un quota de 40 % de candidats féminins pour les listes électorales lors des élections nationales et de 50 % de candidats féminins lors des élections européennes. Les choses doivent absolument changer. Maintenant, dans quelle mesure la nouvelle législation influencera-t-elle la composition de la Chambre ?

Pourquoi les femmes s'engagent-elles beaucoup moins en politique ?

Souvent à cause de leurs enfants en bas âge, car elles doivent concilier aventure politique, vie familiale et carrière professionnelle. Malgré tout, je reste persuadée que des solutions adaptées existent, grâce aux crèches et aux maisons relais notamment. Elles devront, cependant, s'attendre à devoir faire face à diverses réunions les soirs et même les week-ends. J'ai une copine très engagée politiquement qui vient juste d'être jeune maman. Elle a choisi de prendre son bébé avec elle lors des réunions et ça fonctionne. Il faut tout simplement oser.

Avez-vous déjà eu affaire à du harcèlement sexuel à la Chambre ?

Pour l'instant, non, rien à déclarer, si ce n'est une ou deux phrases légèrement sexistes et déplacées. Mais rien d'alarmant. Nous sommes loin de l'affaire du député écologiste Denis Baupin, en France (rires).

Gérez-vous votre propre compte Facebook ?

J'ai seulement un profil personnel qui mélange un peu de ma vie privée et mon engagement politique. J'apprécie que les citoyens, enfin surtout les plus jeunes et les plus connectés, puissent communiquer avec moi en toute simplicité, me demander des informations sur la réforme du congé parental, ou autre, sans avoir à rédiger une longue lettre manuscrite en luxembourgeois ou en français. Les réseaux sociaux sont moins formels.

Que pensez-vous de la pétition pour que le luxembourgeois devienne la langue officielle du pays ?

J'étais étonnée de voir le nombre de citoyens qui souhaitent que le luxembourgeois devienne la seule langue

YILESTE

FASHION. DESIGNED IN LUXEMBOURG.



THE FIRST DESIGNER PRÊT-À-PORTER BRAND FROM LUXEMBOURG

YILESTE BOUTIQUE
8 CÔTE D'EICH, L-1450 LUXEMBOURG / +352 2634 0681





Les députés paient des impôts.

officielle administrative et législative du pays. Le plurilinguisme est cependant essentiel pour préserver une cohésion sociale et économique avec les frontaliers et les étrangers qui résident chez nous. En ce qui concerne les textes de loi, certains mots en français sont, certes, compliqués à saisir, mais, vu qu'il s'agit d'un jargon professionnel, tout traduire en luxembourgeois ne résoudra en rien le problème. Plus généralement, il faut cependant se rendre à l'évidence qu'une grande partie de la population ressent un certain malaise. Le nombre important des signatures en témoigne et nous, les politiciens, devons comprendre et essayer de remédier à ce malaise.

Vous parlez de nationalisme ?

Une partie de la population craint que le Grand-Duché et sa langue ne disparaissent complètement, à terme. Néanmoins, c'est très frappant, voire contradictoire, car la langue luxembourgeoise n'a jamais connu une aussi grande diffusion qu'aujourd'hui. Les études et les statistiques sont claires en ce point. De plus, les différents cours de luxembourgeois dans le pays et les facultés sont pris d'assaut.

Qu'attendez-vous de l'Université de Belval ?

Il s'agit d'une fabuleuse opportunité pour le pays, pour la région Sud et pour Esch. Plus d'étudiants égale plus de jeunesse donc plus de vie. Sans perdre de vue que l'Université représente un véritable moteur économique

qui va engendrer des emplois dans ma municipalité qui, malheureusement, compte encore beaucoup trop de chômeurs, et plus particulièrement chez les moins de 25 ans.

Aviez-vous un job d'étudiants pour financer vos études ?

Oui, j'étais serveuse dans un bar et je donnais des cours de rattrapage, notamment à des enfants d'origine portugaise. Je me suis rendu compte, à ce moment-là, de l'importance des langues. Les parents n'étaient souvent pas capables de suivre les devoirs de leurs gamins, car ils ne comprenaient ni l'allemand ni le luxembourgeois.

Pardon pour la blague de mauvais goût, mais vous buvez de la Bofferding ?

Non, figurez-vous que le vendredi soir, lorsque je prends un verre avec des amis au Pitcher, un bistrot à Esch où se côtoient jeunes et moins jeunes, motards et écolos, aisés et moins aisés, je commande du cidre (sourire).

Dernière question : plébiscitez-vous une République du Luxembourg ?

Je ne suis pas véritablement attachée à la Monarchie, même si au Luxembourg, la cohabitation, en pratique, ne cause pas trop de problèmes. En accord avec mes convictions, j'évite les invitations traditionnelles du Grand-Duc au château de Colmar-Berg. Je trouve ces rituels décalés par rapport à la vie d'aujourd'hui. Donc, pourquoi ne pas réfléchir à l'instauration d'une république à l'insu de la France ou du système fédéral comme en Allemagne ?

Taina Bofferding

Ech hu mech eng kleng Stënnche mam Taina Bofferding ënnerhalen, LSAP Deputéiert a Gemenge-Conseillère vun Esch-Uelzecht. Mir hunn iwwert de Grand-Duc, sexuell Belästegung a Biker mat den decke Motorrieder geschwat.

Text: Sébastien Vécrin

Firwat hutt Dir d'Sozialiste gewielt ?

Ech hu mech nach ëmmer fir Politik intresséiert, fir d'Iwwerleeunge vu menge Matmënschen a fir d'Gesellschaft am allgemengen. Dofir hunn ech och Sozialwëssenschaften zu Treier studéiert, woubäi ech mech haaptsächlech op d'Medie konzentréiert hunn. Ech fille mech vun allem beréiert wat meng Matmënsche betrëfft. Ech hëllef gären. Ass net genau dat de Programm vun enger gudder Sozialistin? (lacht)

Wei hutt Dir deen éischte Schrëtt an d'Politik gemaach ?

Am Joer 2003 hunn ech bei menger éischter Participatioun un enger Manifestatioun virun der Amerikanescher Ambassade géint de Krich am Irak, d'Bekanntschaft vun Unhänger vun der „Lëtzebuurger Sozialistescher Aarbechterpartei“ an haaptsächlech vum Yves Cruchten gemaach, haut Deputéierten a Generalsekretär vun der Partei. Dës Erfahrung huet mech direkt gefesselt an ech hunn decidéiert, mech bei de Sozialisten ze engagéieren. Ech hat do 21 Joer an d'LSAP ass schnell zu menger zweeter Famill ginn. Meng nei Komeroden si sympathesch a geselleg. Hier Konzepter vu Solidaritéit, Gerechtegkeet

a Fräiheet si ganz genau déi Valeuren, déi mir wichteg sinn an déi ech och säit deem probéieren a mengem Alldag ze liewen.

Hänkt Dir nach ëmmer un Esch-Uelzecht ?

Ech wunne säit mengem Schoulofloss zu Esch an assuréieren d'Roll als Gemenge-Conseillère un der Säit vun der Buergermeeschtesch Vera Spautz, eng fir hiert soziaalt Engagement bekannten an unerkannte Fra. Esch weist sech als eng multikulturell a lieweg Stad, wou Männer ewéi och Frae mat verschiddenen Originnen a Sozialklassen a perfekter Harmonie zesumme wunnen. Hei fillen ech mech gutt.

Am Joer 2011 huet de Charles Muller, Direkter vum Theater vun Esch-Uelzecht, mir gesot dass, wei hien seng Funktioun ugeholl huet, verschidden Notabel vun der Haaptstad him „vill Gléck an Afrika“ gewënscht hunn.

Dës Erofmaachen an elitäert Verhale géigeniwwer der Stad Esch maache mech traureg, well déi Verleumder net d'Realitéit erëmginn. Eisen Theater proposéiert oft



Ech war iwwerrascht ewéi ech gesinn hunn, wéi vill Bierger dofir sinn, dass Lëtzebuergesch déi eenzeg offiziell Sprooch vu Lëtzebuerg soll ginn.

ganz schéi Spektakelen, mä d'Still sinn eidel. Woubäi dat nämmelecht Stéck wann et an der Stad Lëtzebuerg annoncéiert gëtt, ausverkaf ass. Dee schlechten Image vun Esch huet sech op all den Niveaue kräfteg duerchesat, mä eis Efforten um kulturellen Niveau droe lues awer sécher hir Friichten.

Och wat d'Onsécherheet vun de Leit ugeet?

A fille Fäll gëtt d'Onsécherheet an eise Stroossen méi subjektiv ewéi reell empfonnt. Fir des Gefiller vun Onsécherheet ze senken, organiséiert d'Stad Esch zwee mol am Mount eng grouss Reunioun an der Gemeng, zesumme mat der Police an de responsabele

Politiker, fir en oppent Ouer wat d'Reklamatioune vun eise Bierger ugeet, ze weisen. Mir versichen, zesumme mat den Acteuren um Terrain a mat deenen, déi direkt concernéiert sinn, den Alldag vun all eise Bewunner sou gutt ewéi méiglech ze verbesseren.

Wäert Dir léiwer Buergermeeschtesch vun Esch oder Premier Ministesch?

Fir de Moment gefält mir meng Roll als Conseillère an Deputéiert ganz gutt. Ech waarden of, wat d'Zukunft fir mech bereet hält.

Dir sidd Vize-Presidentin vun der LSAP, denkt Dir dass Dir nach Presidentin wäert ginn?

"Entretien mat der Sozialistes-Deputéierten."

Ech hu mir déi Fro nach guer net gestallt. Fir den Ament setzen ech mech fir d'Reform vun eise Statuten a Strukturen an, sou dass déi un ee méi aktiven, méi einfachen an méi rapiden Dialog an eiser Partei adaptéiert ginn.

Kann een e Sozialist sinn an awer vill Sue verdéngen?

Dat Wuert „vill“ ass relativ. Wann dir vu mengem Fall schwätze wëllt, ech kréien d'Indemnitäten als Deputéierten a bekloe mech net. Mä, zu menger Verteidigung, dofir muss ech awer och enorm vill schaffen (laacht). Ech probéieren all Dag um Büro present ze sinn, well et wichteg ass ëmmer disponibel ze bleiwen, fir kenne mat deenen anere parlamentareschen Attachéen ze collaboréieren (Kommissiounen, öffentlech Seancen, Visitten) an awer och fir mat de Vertrieeder aus der Economie, der Politik oder der Sozialwelt un Reuniounen deel ze huelen.

Am Ufank wei ech gewielt gi sinn, duecht ech dass ech 24/24 Stonne misst op meng E-Mailen äntweren. Momentan huelen ech mir och bëssen Zäit fir meng Famill, fir Sport ze maachen, lafen ze goen, ze liesen, asw. An dese Momenter loossen ech den Handy och op der Säit leien.

Däerf een Iech froe wéi vill Dir verdéngt?

Meng Indemnitéite sinn um Internet Site vun der Chamber verëffentlecht. Ofhängeg vum Mound an der Unzuel un Reuniounen, kennen se liicht variéieren. Ech halen och drop ze preziséieren dass, am Géigendeel zu deem wat verschidde Leit behaupten, och mir Deputéierte schéin eis Steiere bezuelen.

Wat denkt Dir iwwer déi onendlech Fro vum Cumul vun de Mandater?

Et ass néideg dat ee fir allemol ze klären. Ech perséinlech

stinn éischer zu enger anti-cumul Reglementatioun.

Wéini kennt et zu engem gläichen Undeel u Fraen a Männer an der Chamber?

Mir hu viru kuerzem e Gesetz agefouert, dat eng Quote vu 40 % weibleche Kandidaten op der Elektiounslëscht vun den nationale Walen instauréiert an eng Quote vu 50 % u weibleche Candidate bei den Europawahlen. Et muss sech onbedéngt eppes änneren. Elo ass d'Fro an ewéi engem Ausmooss déi nei Legislatioun d'Kompositioun vun der Chamber beaflosst.

Firwat engagéieren sech d'Frae manner an der Politik?

Ganz oft weinst hire kleng Kanner, well si dann d'Politik, d'Familljeliwen an dat Professionellt mussen ënnert een Hutt kréien. Trotz allem sinn ech dovun iwwerzeugt, dass et dofir adaptéiert Léisunge ginn, haaptsächlech Dank de Crèchen an de Maisons Relais. D'Frae mussen sech awer op verschidde Reuniounen owes spéit an och mol de Weekend gefasst maachen. Ech hunn eng Frëndin déi politesch immens engagéiert ass an och eréischt viru kuerzem Mamm ginn ass. Si huet entscheet hie Bëbee mat op d'Reuniounen ze huelen an dat klappt. Et muss een sech nëmmen trauen.

Sidd Dir schonn eng Kéier mat sexueller Belästegung an der Chamber konfrontéiert ginn?

Nee, fir de Moment hunn ech do näischt ze deklaréieren, ausser eng oder zwou deplacéiert a liicht sexistesch Bemierkungen. Mä näischt alarméierendes. Mir sinn nach wäit ewech vun der Affär mam Ekologie Deputéierten Denis Baupin a Frankräich (laacht).

Geréiert Dir Ären eegene Facebook-Account?

Ech hunn nëmmen ee perséinleche Profil, dee mäi privat



Déi jonk Mamm huet entscheet hiere Bébee mat op d'Reuniounen ze huelen an dat klappt.

FOTOEN:FRED WOLFE

Liewen a mäi politescht Engagement vermëscht. Ech appreciéieren dass d'Bierger, haaptsächlech déi méi jonk, ganz einfach mat mir kommunizéiere kennen, mech Informatiounen iwwer d'Reform vum Congé Parental oder aner Saache froe kennen, ouni e laange schrëftleche Bréif op Lëtzebuergesch oder Franséisch opstellen ze mussen.

Wat haalt Dir vun deenen zwou Petitïounen, datt d'Lëtzebuergesch soll oder net soll als offiziell Sprooch a Lëtzebuerg unerkannt ginn?

Ech war iwwerrascht ewéi ech d'Unzuel u Bierger gesinn hunn, déi dofir sinn dass Lëtzebuergesch déi eenzeg offiziell administrativ a legislativ Sprooch vu Lëtzebuerg soll ginn. De Plurilinguismus ass méttlerweil essentiell fir déi sozial an ekonomesch Kohäsioun mat de Frontalieren an den Auslänner déi bei eis liewen, oprecht ze erhalen. Wat d'Gesetzestexter ugeet, do ginn et sécher puer komplizéiert Wieder op franséisch, mä well et sech ëm e professionnelle Jargon handelt, wär de Problem och net geléist wann alles op Lëtzebuergesch iwwersat géif ginn. Am allgemenge muss een awer méttlerweil agestoen, dass eng grouss Partie vun der Populatioun e gewëssene Malaise empfennt. Déi héich Unzuel un Ënnerschrëfte

sinn de Beweis a mir als Politiker mussen dat verstoen a probéieren dësem Malaise entgéint ze wierken.

Schwätzt Dir vun Nationalismus?

En Deel vun der Populatioun fäert, dass de Grand-Duché an och seng Sprooch endgültig verschwanne wäerten. An awer ass dëst immens iwwerraschend, souguer widder-spréichlech, well d'Lëtzebuerg Sprooch ass nach ni sou wäit verbreet gewiescht ewéi haut. D'Etuden an d'Statistike sinn an dësem Punkt ganz kloer. D'Lëtzebuergesch-Coursen am Land esou wéi an de Fakultéite gi gestiermt.

Wat erwaart Dir Iech vun der Universitét um Campus Belval?

Et geet hei ëm eng fantastesch Opportunitéit fir d'Lëtzebuerg Land, de Süden an Esch. Méi Studente bedeit méi Jugend also och méi Liewen. Net ze vergiessen, dass d'Universitét en ekonomesch Motor duerstellt, deen och nei Aarbechtsplazen a menger Gemeng schafe wäert, déi leider nach ëmmer ze vill Chômeuren zielt, haaptsächlech bei de Jonken ënner 25 Joer.

Hat Dir en Studentenjob fir Är Etuden ze finanzéieren?

Jo, ech war Serveuse an enger Bar an hunn Nohëllesstonne

ginn, haaptsächlech fir Kanner mat portugiseschen Originen. Zu där Zäit ass mir och kloer ginn, ewéi wichteg déi verschidde Sprooch sinn. D'Eltere waren oft net capabel hire Kanner bei den Hausaufgaben ze hëllefen, well se weder Däitsch nach Lëtzebuergesch verstanen hunn.

Entschëllegt mech fir dës Witz, mä drénkt Dir och Bofferding?

Nee, elo stellt iech mol fir, wann ech Freides Owe mat menge Frënn een an de Pitcher drénke ginn, e Bistro zu Esch wou sech jonk an al, Motorradsfuere an Ökologen, räich a manner räich treffen, da bestellen ech ee Cider (laachen).

Lescht Fro: Sidd Dir fir eng Lëtzebuerg Republik?

Ech hänken net wierklech un der Monarchie, och wann a Lëtzebuerg d'Cohabitatioun an der Praxis net ze vill Problemer bereet. Am Aklang mat mengen Iwwerzeegungen, evitéieren ech déi traditionell Invitatioun vum Grand-Duc an d'Schlass vu Kolmer-Bierg. Ech fannen déi Ritualer onpassend géigeniwwer deem haitege Liewen. Also firwat net iwwert d'Afféierung vun enger Republik ewéi a Frankräich oder de federale System an Däitschland nodenken.

Passion
Coiffure

La mode passe, le style reste.
By Pasquale Caiola



Un salon de luxe et de détente, un service personnalisé réalisé par une équipe de passionnés. Ces spécialistes de la mode et de la beauté sont à votre écoute, pour révéler ce que vous avez d'unique en vous.

42, rue de Luxembourg
L-9125 Schieren
tél: 28 77 93 39

Du mardi au samedi
Avec et sans rendez-vous

www.passion-coiffure.lu
Salon Passion Coiffure